

minatioun e wesentlecht Element, woubäi ech awer och wëll drop hiweisen, dass mer hei versicht hunn, zwou Direktiven zesummen ëmzesetzen, déi eng, déi den Aarbechtsmaart, d'Aarbechtsplaz betrëfft, an déi aner, déi doriwwer erausgeet, déi awer zum Deel net esou wäit geet.

Ech wëll dat soen, well dat einfach erkläert woufir mer hei ebe méi laang Zäit gebraucht hunn, well mer versicht hunn, och no dem éischten Avis vum Statsrot Saache mateneen an Aklang ze bréngen, déi net ëmmer an Aklang ze bréngen sinn, well jiddferree seng eege Philosophie do huet, an dofir hu mer eis schwéiergedoen. Dat erkläert tout simplement woufir mer hei eben net esou séier weiderkomm si wéi mer wollte weiderkommen.

Mir hunn elo zwee Gesetzestexter, woubäi dee Gesetzestext 5518, deem Dir elo stëmmt - virdrun hutt Dir dee jo gestëmmt iwwert d'Fonction publique -, och erëm eng Kéier, wann een en analyséiert, aus zwee Deeler besteet: en allgemeng gültegen Deel, deem als Gesetz weiderbestee, an dann en Deel, deem effektiv an de Code du Travail erakënn.

Ech soen dat nach eng Kéier, fir och drop hinzeweisen, dass déi Iddi, déi de Statsrot ëmmer hat fir ze soen, et muss alles aus engem Goss sinn, eigentlech net geet. Dat heescht, fir mech muss alles aus enger Philosophie sinn. Et ass richtig, dass ee muss an all Secteur déiselwecht Bestëmmungen ëmsetzen, mä alles aus engem Goss, dat geet einfach net, well d'Basisgesetzzer aneschtens sinn. Dat ass déi éischt Iwwerleeung, déi ech heizou wëll maachen.

Déi zweet Iwwerleeung, déi ech heizou wëll maachen, dat ass op dat agoe wat de Claude Wiseler virdu scho gesot huet: Mir sinn iwwerfällg hei an Europa. Ech sinn also frou, dass mer hei am „Scoreboard“ besser ausgesinn, well eis all Moment och kéint blién, dass mer géifen zu Astreinté condemnéiert ginn, an déi Astreinten, déi wäre retroaktiv. Et ass also dofir wichtig, dass mer elo definitiv deem Text hei stëmmen an dass en esou séier wéi méiglech och am Mémorial publizéiert gëtt, sou dass mer dat dann och kënnen der Kommissioun zu Bréssel matdeelen.

Drëtt Remarque, déi ech wëll hei maachen, dat ass déi, dass mer effektiv - wéi den Här Kaes et och gesot huet - Amendementen eraginn haten, déi mer zrëckgezunn hunn. Mir haten Amendementen eraginn, fir Erreur-matériellem am Code du Travail ze behiewen, wou e puer Saachen, net vill, mä e puer Saachen awer am Eifer des Gefechts zwëschent all den Instanze vergiess goufen.

Mir hunn dat iwwert de Wee vun Amendementen zu dësem Text gemaach, an dat war net de richtige Wee, mä dat ass eis herno bewosst ginn. Dat sinn Erreur-matériellem, dat heescht, et muss ee just eng Rectification maachen. Mir maachen dat also iwwer eng Loi rectificative an net an dësem Kader, soss kann dat och falsch verstane ginn. Mir müssen och d'Rechtssécherheet op deem heite Punkt bewahren.

An da véiertens wëll ech hei och der Chamber Merci soen. D'Prozedur war net evident, well mer en éischte Vote gemaach hunn, mir hunn d'Dispens vum zweete Vote net kritt, bosseschweis, mä et ass awer elo esou. An doduercher ware mer en cours du travail hannendran. Ech sinn och hei ganz frou, dass d'Chamber elo decidéiert huet, op deem éischten éischte Vote zrëckzekommen, dass mer elo en neien éischte Vote maachen, vun deem ech dann ausginn, dass mer d'Dispens vum zweete Vote kréien an dass dat da richtig ass.

Ech erspueren lech all déi verfassungsrechtlech Iwwerleeungen dozou, déi ganz spannend sinn, well esou eppes, mengen ech, hu mer nach net erlieft, mä gutt! Ende gut, alles gut. Ech si frou wa mer dësen Text mat grousser Majoritéit stëmmen.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président. - Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert den Text.

Vote sur la nouvelle version du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5518 ass ugehall mat 55 Jo-Stëmmen, géint 1 Nee-Stëmm a 4 Absten-tiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), MM. Marcel Gle-sener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Casteg-naro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc An-gel), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Ro-main Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. John Castegnaro);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Hel-minger (par M. Henri Grethen), Alexandre Kriebs (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

A voté non: M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vun de Pro-jete 5537 an 5175 iwwert den Doping. Béid Projekte ginn an enger Diskussioun behan-delt. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Hauptert, d'Madame Flesch, den Här Huss an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deenen zwee Projets de loi, den honorabelen Här Alex Bodry.

14. 5537 - Projet de loi por-tant

a) approbation de la Conven-tion internationale contre le dopage dans le sport, faite à Paris, le 18 novembre 2005;

b) modification de l'article 16 de la loi du 3 août 2005 concernant le sport

5175 Projet de loi portant ap-probation du Protocole addi-tionnel à la Convention contre le dopage, ouvert à la signature, à Varsovie, le 12 septembre 2002

Rapport de la Commission de l'Écono-mie, de l'Énergie, des Postes et des Sports

» M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei deenen zwee Projeten handelt et sech ëm d'Ratifikatioun vun zwou Konventiounen. Dat Éischt ass e Protocole additionnel zu enger Konventioun vum Conseil de l'Europe iwwert den Doping, an dat anert ass d'Rati-fikatioun am Fong vun der éischter Weltkon-ventioun ënnert der Égide vun der Unesco géint den Doping, déi den 18. November 2005 ënnerschriwwen ginn ass.

Mä wann ee gemengt hätt, de Phenomeen vum Doping wär eppes wat een eneger-moosse géif an de Grëff kréien, ass ee spéitstens dëse Summer enges aneren iwwerzeegt ginn duerch eng ganz Rëtsch vun Nouvellem, déi ronderëm de Cyclissem, ron-derëm d'Liichtathletik an aner Sportaarte gefall sinn an déi gewisen hunn, dass een net kann dovunner schwätzen, dass an ier-gendenger Form den Doping-Phenomeen agëengt gi wär, mä dass een éischter d'Ten-denz virfënn, dass dee Phenomeen duerch déi ganz staark Kommerzialiséierung, och déi wirtschaftlech Intérëten, déi finanziell In-térëten, déi am Héichleeschtungssport vir-herrschen, e Phenomeen ass, deem nach ëmmer besteet trotz allen Efforten, déi an deene leschte Joren och op internationalem Plang ënnerrholl gi sinn.

Wat ass déi aktuell gesetzlech Lag zu Lët-zebuerg wat den Doping ueegt? Zu Lëtze-buerg gëtt et zwee verbindlech Texter an deem doten Zesummenhang. Dat ass éischstens d'Grondkonventioun vum Conseil

de l'Europe iwwert den Doping vun 1989, déi mer duerch e Gesetz vum 26. Abrëll 1996 an d'Nationalrecht iwwerholl hunn, an et ass d'Sportsgesetz vum 3. August 2005 a besonnesch den Artikel 16 vun deem Sportsgesetz, deem zwee wichteg Punkten am Fong virschreift:

1) d'Schafe vun enger nationaler Antido-ping-Agentur a Partnerschaft tëschent dem Sportsmouvement an dem Stat an

2) d'Aféierung vun engem neie Strofdelikt Doping, dee bestrooft gëtt mat Prisongs-strofe vun aacht Deeg bis dräi Joer respek-tiv mat enger Geldstrof vun 1.250 bis 50.000 Euro, wou de Besët, de Verkauf, den Import vun Dopingmëttelen bestrooft ginn, wou och d'Dokteren, déi wëssentlech Dopingmëttelen verschreiwen, bestrooft ginn, wou och den Entourage vum Sportler strofrechtlech ka belaaft ginn, wann hien an Doping-Affäre mat implizéiert ass.

Wat an eiser Lëtzebuenger Législatioun opfällt ass, dass d'Strofbestëmmungen kon-zentréiert sinn op den Entourage vum Sport-ler an de Sportler selwer net ënnert déi Strofbestëmmung direkt zumindest fällt. Hie kann eventuell als Complice drënnerfalen, mä direkt fällt hien net drënner. Fir de Sport-ler sinn eigentlech Disziplinarmoosname virgesinn, déi da vum Sportsmouvement na-tional oder international ze huele sinn.

Nieft deenen doten Texter, déi also recht-lech verbindlech sinn, gëtt et awer och eng Praxis, déi sech eigentlech schonn entwé-ckelt huet zu Lëtzebuerg, ier deen éischte verbindleche Gesetzestext géint den Do-ping hei am Land a Kraaft getratt ass, well zënter 1990 gëtt et zu Lëtzebuerg en natio-nale Comité fir de Kampf géint den Doping, deem aus der juristescher Form vun enger Fondation am Joer 2004 an eng Agence Luxembourgaise Antidopage, Ofkierzung ALAD, ëmfonctionnéiert ginn ass, déi also opgebaut ass op der Partnerschaft tëschent dem Stat op där enger Säit an dem Sports-mouvement op där anerer Säit.

Déi Agence, wéi virdrun och den nationale Comité, ass aktiv um Terrain duerch Do-pingskontroll an awer och duerch Informa-tioun, Sensibiliséierungs- a Berodungs-aktioun.

E puer Zuele vläicht iwwert d'Aktivitéit vun där Agence. Aus hirem leschte Rapport d'activité geet ervir, dass am Joer 2005 zu Lëtzebuerg 159 Kontrollen duerchgefouert gi sinn. Dovunner waren der 157 negativ, zwou Dopingskontrollen ware positiv. Vun deene Kontrolle ware 97 Lëtzebuenger an 62 Nëtzlëtzebuenger Sportler betraff. A vun deenen 159 Kontrolle waren der 89 net am Viraus ugekënnegt. Déi Kontrolle gi bei Kompetitiounen, beim Training an och aus-serhalb vum Training duerchgefouert.

D'Kontrolle sinn also am Laf vun der Zäit ëmmer méi ausgedehnt ginn, wat d'Zuel ueegt, mä awer och wat de Moment ueegt, wou déi eenzel Dopingskontrollen och hei zu Lëtzebuerg vun der Agence duerchge-fouert ginn. Fir 2006 si bis elo 120 Kontrol-len duerchgefouert ginn, dovunner waren der 47 net ugekënnegt.

An deem Échange de vues, dee mer an der Kommissioun mat de Représentanté vun der ALAD respektiv vun de Partneren, déi sech do zesummegeeschloss hunn, haten, hu mer och dann héieren, dass e ganz inter-essante Projet op Initiativ vun der Weltanti-doping-Agentur och hei zu Lëtzebuerg mat duerchgefouert gëtt am Wanter 2006, am Summer 2007, wou also déi bescht Athle-ten, d'Spëtzenathleten, do mat implizéiert sinn a wou och déi Spëtzenathleten, dat sinn déi aus dem Elitekader vum COSL res-pektiv aus der Elitesportsektioun vun der Ar-méi, och an en Informatiounssystem mat erakommen, wou also gemellt gëtt vun hin-nen, wou se sech am Laf vum Joer ophalen, wéi hiren Training ausgeriicht ass, wéi esou also och geziilte Kontrolle kënnen duerch-gefouert ginn.

Dat schéngt eis als Kommissioun e ganz wichtige Schrëtt ze sinn an enger prakte-scher Bekämpfung vum Dopingphenomeen um Terrain, wou Lëtzebuerg selbstverständ-lech och eng aktiv Roll ze iwwerhuelen huet.

Wat sech nach zu Lëtzebuerg gemaach huet an deene leschte Joren, schonn am Virfeld vun deenen heite Konventiounen, dat ass och, dass d'Disziplinarrecht changéiert huet am Sportsmouvement insgesamt.

(Coups de cloche de la Présidence)

Op Initiativ vum COSL sinn Ännerungen an de Statute vum COSL selwer respektiv an de Statute vun eenzelne Sportsfederatiounen virgeholl ginn. Et sinn elo net méi d'Sports-federatiounen selwer, déi duerch hir Organer responsabel si fir Disziplinarmoosnamen am Fall vun Doping duerchzeféieren, mä dat alles gëtt elo national zentraliséiert, kon-zentréiert op zwou Instanzen: de Conseil de

discipline respektiv de Conseil supérieur de discipline. Do ginn also all Vergehe géint Dopingsregelen zu Lëtzebuerg geahnt, woubäi ech soe muss, dass, wann et sech ëm Spëtzesportler handelt, do och en inter-nationaalt Disziplinargeriicht d'Zoustänneg-keet kréie kann.

Wichtig fir eis schéngt et ze sinn, an dat hu mer och an eise Schrëttleche Rapport festgehalen, dass d'ALAD, déi eng ganz es-senziell Fonctioun an deem Kampf géint den Doping anzehuelen huet, och, wéi elo schonn, an Zukunft déi néideg finanziell a personell Viraussetzung virtrëfft, fir hir Aar-becht um Terrain uerdentlech duerchzéien ze kënnen.

Ech hu gelies, dass am Statsbudget 2007 fir d'Participation de l'État un de Frais de fonc-tionnement vun der ALAD 30.000 Euro als Kredit virgesi sinn. D'Représentanté vun där Agence hunn eis matgedeelt, dass de Käschtepunkt, dee se brauche fir hir Kon-trollen, besonnesch och wa se an Zukunft méi oft Blutkontrolle wäerten duerchféieren, nach dätlech méi héich wäert ginn, e gëtt op 60.000 bis 70.000 Euro d'Joer geschat.

Als Kommissioun sti mer zu 100% hannert de Beméiungen vum Sportsmouvement, awer och vun der Regierung, den Doping-phenomeen souwuel preventiv wéi och re-pressiv ze bekämpfen. Mir soen also Neen zum Doping aus etheschen Iwwerleeungen eraus, mä awer och aus Iwwerleeungen vun der öffentlecher Gesondheet eraus. Mir soen also Neen zum Fuddelen am Sport; ei-gentlech ass jo dat Schlëmmst bei deem Ganzen déi Ligen, déi nach hannendru kommen, wann dann en Dopingphenomeen opgedeckt gëtt.

Déi zwou Konventiounen bréngen eis an där doten Aktioun géint den Dopingphenomeen e Stéckche méi wäit. Firwat? Ma well et Kon-ventiounen sinn, déi op enger internationaler Zesummenaarbecht foussen, an déi brauch een an deem heite Beräich méi wéi alles anescht, well den nationale Kader ze enk ass, fir och nëmme kënnen an iergendenger Form wierksam géint dee Phenomeen do virzegoen.

Et si Konventiounen, déi eis weiderbréngen, och an der géigesäiteger Unerkennung vu Kontrollen a vun anere Prozeduren. Och dat brauche mer. Mir brauche Rechtssécher-heet an deem dote Beräich, well mer jo och wëssen, dass mat grousser Renfort vun Af-fekoten an anere Leit jo probéiert gëtt, wann da Kontrollen duerchgefouert ginn, déi erëm eng Kéier spéiderhi virun de Gericht-sinstanzen ze kippen. De wirtschaftlechen Intérêt ass jo enorm, deem un deene Saa-chen do drunhänkt.

Mir brauche virun allem, an dat geschitt och duerch dës zwou Konventiounen, gemein-sam an harmoniséiert Prozeduren, Regeln a Standarden, wat d'Definitioun a wat d'Kontroll vum Dopingphenomeen euro-pawäit a besonnesch och weltwäit ueegt.

Dat ass jo dee grouse Plus eigentlech, deem d'UNESCO-Konvention bréngt, well mer aus dem europäesche Kader, wou mer eis bis elo haaptsächlech dra beweegt hunn, erauskommen an op de Weltkader kommen, wou mer och nach méi wierksam kënnen virgoen, wann natierlech d'Staten, déi esou couragéiert ënnerschriwwen hunn, och elo den zweete Schratt maachen, dee mir amgaange sinn ze maachen, an och an hire Parlamentar d'Ratifikatioun vun där Konventioun do virhuelen.

Mir kommen also aus engem Beräich, wou mer op Weltplang éischter bis elo duerch Deklaratiounen, déi gemaach si ginn, um Niveau vun der Fräiwëllegkeet waren, a méi e contraignanté juristesche Kader, also a méi Verbindlechkeet eran, wat den Engage-ment vun deenen eenzelne Staten an deem dote Beräich ueegt.

Zu Lëtzebuerg musste mer fundamental näischt op d'Kopp geheien, wat u sech eis bishereg Regele betrëfft, well mer an der Praxis eigentlech schonn déi Regeln do virgezunn hunn an eis dorunner halen.

Déi eenzeg Ännerung, déi mer maache müssen, an dat geschitt och duerch deem zweete Projet de loi: Mir müssen den Artikel 16 vum Sportsgesetz ëmänneren, well dee bis elo eng Referenz gemaach huet, wat d'Dopingssubstanzen an d'Dopingsmetho-den ueegt, un d'Annex vun der Konventioun vum Conseil de l'Europe. An Zukunft wäer-ten net déi Regele gëllen, mä et wäerten d'Regele gëllen, déi op Weltplang opge-stallt ginn, op Initiativ vun der Weltantido-ping-Agentur. Et ass also d'UNESCO-Kon-ventioun an hir Annexen, déi an Zukunft wäerten d'Referenz duerstelle fir ze soen, wat ass eng Dopingssubstanz, wat ass eng Method fir Doping am Sport duerchzeféie-ren.

Mir hunn eis och ausgeschwat fir déi Ver-sioun vum Statsrot ze iwwerhuelen, déi eis och eng gewësse juristesche Sécherheet gétt par rapport zu den Obligatiounen, déi eis Verfassung eis mécht wat d'Publikatioun vun Normen ugeet, an dat schéngt eis also déi richteg Formulatioun ze sinn.

Et ass erfreenlech, dass mer iwwert deen heite Wee och endlech de Statut vun der Weltantidoping-Agentur verbindlech festge-hale kréien an enger internationaler Konven-tioun, an dass mer zumindest och Stécker vum Weltantidoping-Code iwwert deen heite Wee verbindlech mat iwwerhuelen, wou jo och d'Strofmoosse festgehale sinn, an dat ass och immens wichteg, dass een deem Ganzen also och méi eng staark legal Basis gétt.

Eng lescht Suggestioun wollt ech nach maachen. Et ass zwar e Punkt, dee mer net terribel an der Kommissioun diskutéiert hunn, en ass mer awer bei der Preparatioun vu menger Interventioun hei frësch an d'Ae gesprongen, an dat ergëtt sech aus der Konventioun, der Annex aus dem Conseil de l'Europe, wou d'Schinn gefuer gétt, dass déi national Antidoping-Agencen eigentlech d'ISO-Qualitéitsnorme respektéiere sollten an eng Certificatioun och duerchféiere sollte loos-sen.

Dat wär eng Suggestioun, déi ech, ouni vill Leit hei ze trëppelen, mengen ech, kënnt am Numm vun der Kommissioun un d'Re-gierung weiderginn, dass wierklech Effortë solle gemaach ginn, wéi dat wëschens-wäert ass, fir eng Certificatioun ze kréien, dass d'ISO-Qualitéitsnorme respektéiert gi vun eiser nationaler Agence, well dat méi Rechtssécherheet bréngt am Fall vu Con-Testatiounen. Well déi Iddi an de Konven-tiounen drasteet menge mir, dass et also wichteg wär, dass ee géif probéieren deen dote Schrott an nächster Zäit ze maachen, well mer eis alleguerten och konnten an der Kommissioun iwwerzeege vun där gudder Aarbecht, déi déi Agence um Terrain mécht.

An deem Sënn géif ech lech bieden, déi Eestëmmegkeet, déi mer bei der Verab-schiedung vum Rapport an der Kommis-sioun haten, och hei vläicht gëllen ze loos-sen, hei bei der Ofstëmmung. Ech géif och gläichzäiteg den Accord vu menger Frak-tioun zu deem heiten Text abréngen.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Bodry. Éischte Riedner ass den honorabelen Här Norbert Hauptert. Här Hauptert!

Discussion générale

» **M. Norbert Hauptert (CSV).** - Här Pre-sident, Dir Dammen an Dir Hären, eigent-lech hätt een déi zwee Projeten hei, no deem excellenten Rapport vum Här Bodry, gläich kéinten ofschléissen, well et si jo am Fong geholl zwou international Konventiou-nen, déi den Här Bodry elo explizit hei vir-gedroen huet, déi mer sollen an eist natio-naalt Recht ëmzesetzen. Awer d'Wichtig-keet vum Sujet, an ech mengen de Sujet selwer verlaangt, an Dir verstitt mech, dass ech kuerz hei am Numm vun eiser Fraktioun intervenéieren.

Déi zwou Konventiounen betreffen nämlech de Sport, eng vun deene wichtigste Fräi-zäitaktivitéite vun eiser heiteger Gesell-schaft, a méi prezis den Doping, ee vun deene gréissten Iwwelen, déi riskéieren de Sport futti ze maache wann net versicht gétt him op de Pelz ze récken.

Här President, gedopt gouf schonn zu allen Zäiten, wéi een an dem schrëftleche Rap-port vun der Kommissioun liese konnt. A ge-dopt gétt och an aneren Domänen wéi dem Sport: Schauspiller, Sänger, Manager, sou-guer Dokter an esou weider gräifen zu Opputschmëttele fir de Stress...

(Interruption)

Gelif?

» **M. Alex Bodry (LSAP).** - D'Politiker och.

» **M. Norbert Hauptert (CSV).** - Politiker och souguer heiansdo, Här Bodry. Jo.

» **Une voix.** - Wie mengt Der?

» **M. Norbert Hauptert (CSV).** - Wie mer mengen? Ohhh!

» **Une autre voix.** - Wat kann een dann do ënnerhuelen? Dat ass meng Fro, wann den Här Bodry dat seet.

» **M. le Président.** - Kommt, losse mer beim Thema bleiwen!

» **M. Norbert Hauptert (CSV).** - Losse mer soen et soll virkommen, Här President.

» **M. le Président.** - Här Hauptert, fuert Dir virun!

» **M. Norbert Hauptert (CSV).** - Also, déi gräifen och zu Opputschmëttele fir de Stress an d'Middegkeet ze iwwerbrécken an esou besser Prestatiounen bréngen ze kënnen.

Firwat da just elo eng Konventioun iwwert den Doping, an nëmmen eng Konventioun iwwert den Doping am Sport? Also, firwat just elo? Well den Doping an der leschter Zäit mat der Kommerzialiséierung a beson-nesch mat dem Professionalismus am Sport gewaltig zougeholl huet, an dat riskéiert de Sport futti ze maachen.

Ech ka mech nach erënneren, datt am Tour de France 1953 - et sinn der net méi vill hei-bannen, déi déi Zäit den Tour de France deemools suivéiert hunn - de Fransous Jean Malléjac - en Numm fir Verschiddener kee Begrëff méi, den Här Koepp ka sech nach vläicht un deen erënneren - an enger Bierg-etapp vun engem Dopingsmalaise befall war an hie bal an deem Tour, esou wéi den Tom Simpson e puer Joer méi spéit, den Doud fonnt hätt.

Och op den Olympesche Spiller zu Roum - Madame Flesch, Dir kënnt lech erënneren - ass en dänesche Coureur an der Course, well en Dopingsprodukter zou sech geholl huet, dout leie bliwwen. Awer déi Fäll waren éischter an där Zäit rar, a besonnesch haut berichte praktesch all Dag d'Medien iwwer en Dopingskandal.

Firwat nëmmen eng Konventioun fir de Sport? Mä well mer am Sport déi direkt Kon-frontatioun ënner Konkurrenten erëmfannen. An et ass jo besonnesch déi direkt Konfron-tatioun, déi de Sport esou interessant mécht an déi eben duerch den Doping verfälscht gétt. Dës direkt Konfrontatioun fanne mer eben net an deenen aneren Domänen, déi ech elo opgezielt hunn, esou dass een am Fong geholl fir déi Domänen keng extra Lé-gislatiounen iwwert den Doping brauch, well déi Dopingsprodukter, déi mer an där Kon-ventioun erëmfannen, gi jo och fir therapeu-tesch Zwecker gebraucht, an de Verkauf, d'Verschreiwen an d'Administratioun vun deene Produité gi jo iwwert den Droit com-mun geregelt.

Dofir huet de Mouvement sportif sech och laang géint eng spezifesch Gesetzgebung iwwert den Doping am Sport gewiert, well de Verkauf an d'Administratioun vun deenen Dopingsmëttelen iwwert den Droit commun ofgedeckt gétt, an de Phenomeen vun der Verfälschung vun der Kompetitioun jo e sportlech spezifesch Phenomeen ass, deen een a kengem aneren Domän erëm-fënnt an dee mathin eleng vum Sport gere-gelt sollt ginn.

Här President, déi privat Sportbewegung an och d'Daachorganisatioun vum Lëtzebuer-ger Sport, dat heescht de Comité olym-pique et sportif luxembourgeois, war scho fréi beméit dem Doping am Sport entgéint-zewierken; an ech mengen, den Här Bodry huet drop higewisen. Gläich nodeems datt d'Konventioun géint den Doping vum Conseil de l'Europe ënnerschiww war, huet de Comité olympique ënnert dem Im-puls vu sengem deemolege President, dem Gérard Rasquin, Schrëtt ënnerholl fir e Gre-mium op d'Been ze setzen, deen d'Kontrolle vun de Sportler hei zu Lëtzebuerg assu-réiere soll.

Zesumme mat der Société vun de Sports-dokteren, de Sportskinéen an och mam Sportsministère gouf ufanks den 90er Joren de Comité national de la lutte contre le do-page dans le sport gegrënnt, deem seng Missioun haaptsächlech dora bestanen huet, d'Kontrolle vun de Sportler während de Kompetitiounen, awer och während där Virbereedungsperiod ze organiséieren an d'Vergehe géint d'Reglementatioun am Kampf géint den Doping festzustellen. Wann de Sportler da weinst Doping iwwer-fouert ginn ass, dann huet dee Comité déi zoustänneg Federatioun informéiert, an déi huet dann iwwer hir Reglementer a beson-nesch iwwer hir juristesche Organer déi nout-wendeg Sanktiounen ergraff.

Dës Prozedur hat zwee Hoken. En éischten Hoke louch doran, datt déi verschidde Fe-deratiounen verschidde Sanktiounen ergraff hunn. Mir haten zum Beispill zwee Sportler, déi datselwecht Vergehe begaangen hunn. Deen ee Sportler huet a senger Federatioun just e Verweis kritt, an deen anere Sportler ass fir e puer Méint gespaart ginn.

En zweeten Hoke louch doran, datt am Fong geholl d'Federationsdirigenten net onbedéngt erpicht ware fir hir eege Sport-ler ze spären oder ze bestrofen. Et war méi einfach am Fong geholl fir d'Sanktiounen vun engem iwwergeuerdneten Organ ze ver-hängen.

1998 huet den Internationalen Olympesche

Comité zu Lausanne eng gemeinsam Ré-unioun tëschent de Sportsministeren an den nationalen olympesche Comitéen organi-séiert, fir gemeinsam Weeër ze goen an dem Kampf géint den Doping. Et koun 1999 zu Lausanne zur Grënnung vun der Agence mondiale antidopage - déi den Här Bodry och hei ernimmt huet - ënnert der Fe-derführung selbstverständlech vun dem In-ternationalen Olympesche Comité, där hir Kompositioun zu gläichen Deeler vun de Regierungen a vun de Mouvements sportifs assuréiert gétt.

Déi Agence huet och gläich e Code mondial antidopage élaboréiert an déi national Sportsbewegunge goufen opgefuerdert, der Agence bäizetrieden an de Code unze-erkennen. Dat huet de Comité olympique et sportif luxembourgeois och gemaach a gläichzäiteg mam Sportsministère ze-summe gekuckt wéi een d'Virgoe vun dem Comité national de lutte contre le dopage kéint verbessern.

Den 11. August 2004 gouf d'Agence luxem-bourgeoise antidopage gegrënnt, déi och gläich nom Modell vum internationale Code en nationale Code antidopage élaboréiert huet an eng neutral duebel Juridictioun, ee Conseil de discipline an ee Conseil supé-rieur de discipline en matière de dopage agesat huet, fir d'Vergehe géint den Doping ze sanktionéieren. Domat war déi ongläich Behandlung vun de Sportler jee no Federa-tioun aus der Welt geschaaft an d'Federa-tiounen haten net méi de Schwaarze Péiter fir hir eege Sportler ze bestrofen.

An der Agence sinn des Weideren, nieft dem Comité olympique, dem Sportsminis-tère, der Société des médecins dans le sport, och d'Santé, d'Sociétéit vun de Ki-néen an d'Sportsprofessere vertrueden, well eng vun den Haaptmissiounen vun der ALAD, esou wéi d'Agence genannt gétt, be-steet an der Preventioun vum Doping iwwert d'Education an d'Information.

Här President, och am neie Sportgesetz vum 3. August 2005 ass am Kapitel iwwert d'Éthique sportive en Artikel iwwert de Kampf géint den Doping virgesinn; den Här Bodry huet et schonn ernimmt. Deen Artikel gesäit awer besonnesch Sanktiounen fir déi Leit vir, déi Dopingsprodukter schafen, transportéieren, verschreiwen, administréie-ren oder verkaufen.

Den Artikel preziséiert, datt d'Sanktiounen, déi um sportleche Plang ze huele sinn am Fall vu positiven Dopingskontrolle vu Sport-ler, deenen nationalen an internationale kompetenten Instanzen virbehale ginn. Dat heescht, déi Sanktiounen sollen dann iwwert déi Instanze geholl ginn a nëtan net iwwer een zivil Gericht.Zivilgericht. Dat ass fir Lët-zebuerg an éischer Instanz de Conseil de discipline en matière de dopage an an zweeter Instanz de Conseil supérieur de discipline fir déi Sportler vun nationalem Ni-veau.

Déi Sportler vun internationalem Niveau, déi hei vun dem Conseil de discipline verdon-nert ginn, kënnen e Recours géint déi Décisioun bei dem TAS, dat heescht dem Tribu-nal arbitral du Sport, zu Lausanne huelen. Den Artikel preziséiert des Weideren, datt d'Infractionne géint den Artikel vun der Po-lice grand-ducale, der Police judiciaire an den Agents de douane recherchéiert a constatéiert ginn. Dofir wier och eng méi enk Zesummenaarbecht tëschent der Agence luxembourgeoise antidopage, der Justice an der Douane unzestriewen.

Här President, Lëtzebuerg ass eent vun deenen éischte Länner, dat déi Konventioun approuvéiert. Lëtzebuerg huet ëmmer eng Virreideroll an dem Kampf géint den Do-ping gespillt, besonnesch well d'Zesum-menaarbecht tëschent den öffentliche Instanzen an der privater Sportsorgani-satioun, dat heescht tëschent dem Sportsmi-nistère an dem Comité olympique et sportif luxembourgeois, tadellos fonctionnéiert huet, awer och well d'Opdeelung vun de Kompetenzen tëschent Zivilgeriichter a Sportgeriichter respektéiert gouf: pénal Sanktiounen fir déi, déi de Sportler zum Do-ping verleeden oder verhëllefen, a sportlech Sanktiounen fir de Sportler, dee positiv kon-trolléiert gétt.

An deem Sënn soll och de Kampf am Do-ping an der Zukunft hei zu Lëtzebuerg viru-goen.

Ofschléissend wëll ech dem Här Rappor-teur félicitéiere fir deen exzellente schrëftle-chen a mëndleche Rapport an ech wëllt och hei den Accord vun eiser Fraktioun ginn.

» **M. le Président.** - Merci, Här Hauptert. D'Madame Flesch huet d'Wuert.

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Här Pre-sident, léif Kolleegen a léif Kolleginnen, all déi, déi fir de Sport sinn - a mir sinn zahl-reich heibannen, déi där Meinung sinn -, musse géint den Doping sinn.

» **Une voix.** - Très bien!

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Den or-ganiséierte Sport, ob professionell oder amateur, ass opgrond vu senger pedago-gescher Virbildfunktioon vun zentraler Be-deitung an onser Gesellschaft. Duerch de Sport kënne Grondwäerter vermëttelt ginn, déi fir dat gesellschaftflecht Zesummeliewe vun elementarer Bedeitung sinn. A kaum engem anere Beräich gi Valeurë wéi Tole-ranz, de Prinzip vun der Chancëgläichheet, de Leeschtungsprinzip oder de Gedanke vum Fair Play esou konsequent virgelieft a praktiséiert.

Duerch den Doping ginn all dës Grond-wäerter a Fro gestallt. De faire Wettkampf, bei deem de Bessere gewënnt, an deen, dee verluer huet, dem Gewënner seng Leeschtung unerkennt a respektéiert, ver-schwënnt. Beim Doping gewënnt entweder deen, dee bereet ass, seng Gesondheet op d'Spill ze setzen, oder deen, deen déi néi-deg finanziell Mëttelen huet, fir sech déi beschten a bis elo nach net noweisbar Mët-telen ze kafen.

Dobäi kënnt, dass de Verlëierer d'Leeschtung vum Gewënner net méi respektéiert, mä nëmmen als Resultat vun engem erfolle-gräichen oder méi erfollegräichen Doping considéréiert. Doping widderpricht also ganz kloer der Iddi vum Fair Play a vun der Chancëgläichheet, also de Grondprinzipië vum Sport. Dofir ass et wichteg, dass kon-sequent a mat der néideger gesetzlecher Rigueur géint den Doping virgaange gétt.

Eng wierksam Bekämpfung vum Doping ass nëmme méiglech duerch gemeinsaamt Handeln um internationalen Niveau. Nëmme wann all Länner déiselwecht Regel-en uwenden an nëmme wa fir jiddfer Athlet déiselwecht oder analog Strofe gëllen, kann een de Problem vum Doping effektiv be-kämpfen. Mat deene virleiende Projets de loi maache mir e weidere Schrëtt an dës Richtung.

Ech wëll am Numm vu menger Fraktioun dem Rapporteur Merci soe fir säi schrëft-lechen a säi mëndleche Rapport, déi déi wesentlech Punkten an dëser Diskussioun an an der Entwécklung vum Kampf géint den Doping ervirgestrach hunn, an dëst in-klusiv senger leschter Suggestioun iwwert d'ISO-Normen. Ech si gespaant, wat de Mi-nister ons dozou ze soen huet.

Lëtzebuerg wäert mat der Adoptioun vun dësen Texter ënner Beweis stellen, dass bei ons d'Bekämpfe vum Doping keen eidelt Schlagwuert duerstellt, mä dass an dësem Beräich konkret gehandelt gétt. D'Kreatioun vun der Agence mondiale antidopage ass net ouni Schwierigkeeten iwwert d'Bühn gaangen. Ech wëll net hei elo laang dorob-ber agoen, mä ech wëll nëmmen ervirhie-wen, dass Lëtzebuerg vun Ufank un dobäi war, engagéiert dobäi war a positiv dobäi war.

Ënnert där leschter Regierung gouf a puncto Doping vu menger Kolleegin Anne Brasseur konsequent eng Politik vun der Nulltoleranz gefouert; si huet och 2003 zu Kopenhagen dozou bäigedroen, dass d'Deklaratioun géint den Doping am Sport ugeholl ginn ass, déi zu der internationaler Konventioun géint den Doping gefouert huet an also och zu dëser Konventioun vun der UNESCO, déi mer haut approuvéieren.

Mir si frou, dass de jëtzege Sportsminister déi Politik mat därselwechter Konsequenz weiderféiert. Mat der Grënnung am Joer 1990 vum Comité national de lutte contre le dopage dans le sport, dee virun zwee Joer an d'Agence luxembourgeoise antidopage ëmfonctionnéiert ginn ass, gouf e wichtige Schrëtt an der Saach vun Dopingbekämp-fung um nationale Plang geholl.

Op Basis vum Code mondial antidopage, dee wéi gesot 2003 op der Konferenz vun der Welt-Antidoping-Agentur zu Kopenha-gen ugeholl ginn ass, huet d'ALAD en natio-nalen Antidoping-Code opgestallt an et gouf, wéi den Här Hauptert elo erënnert huet, eng duebel Juridictioun, e Conseil de discipline an e Conseil supérieur de disci-pline agesat.

Mir si frou, dass zënter der Grënnung vun der ALAD am Joer 2004 grouss Fortschrët-ter an der Dopingbekämpfung, besonnesch wat d'Erhéijung vun der Zuel vun de Kontrol-len ugeet, konnte gemaach ginn. Fir dass d'Agence och an Zukunft hir Aarbecht kann

effikass weiderféieren, ass et wichteg, dass se iwwert déi néideg finanziell, personell an technesch Mëttele ka verfügen.

Doping ass e Problem, dee sech leider längst net méi op de Spëtzesport beschränkt. D'Utilisatioun vu legalen an illegale Substanzen, déi d'Leeschungsfaegkeet steigern, hëlt mëttlerweil och am Fräizäitsport an am Amateursberäich zou. D'Meeschterung vu besonneschen Erausforderungen an de Wonsch no engem ideale Kierper ginn an onser Gesellschaft allgemeng als ëmmer méi wichteg ugesinn. Dëst gëllt souwuel fir dat berufflecht wéi och fir dat privat Liewen, wéi virdru gesot ginn ass.

Preparater, déi engem d'Erreeche vun dësem Zil vereinfachen, fénnst ee mëttlerweil net nëmmen an de Geschäfte, mä op villen Internetsäiten, a si kënnen do per Mausklick bestallt ginn. De Schrëtt vun de sougenannten Nahrungsergänzungsmëttelen hin zum Gebrauch vu leeschungsmanipuléierende Substanzen ass ganz kleng.

Dobäi kënnt, dass de Prinzipp vum Fair Play duerch en héijen Erwaardungsdruck, deem op de Sportler laascht, duerch haart Selektionskritären an duerch eng zäitlech Begrenzung vun der sportlecher Carrière ëmmer weider Gefor leeft an den Hannergrond ze réckelen. Mat der Tentatioun vum Doping gëtt hautdësdsags wahrscheinlech bal all Sportler während senger Carrière konfrontéiert.

Den Här Haupt an ech kënnen eis sécher allen zwee erënneren, dass mer vun Doping gehéiert hu wéi mer op den Olympesche Spiller 1960 zu Roum waren. Ech ka mech souguer erënneren, dass ech Fäll gesinn hunn, wou effektiv Kolleeginnen, déi géint mech gefecht hunn, sech dopéiert hunn, mä dat war awer deemools éischter d'Exceptioun wéi d'Regel. De Phänomeen ass elo vill méi wäit verbreet, an duerfir ass et urgent, dass mer handelen, a mat Rigueur an Effikassitéit handelen.

Mä wann de Sportler mat der Tentatioun vum Doping konfrontéiert gëtt, dann ass d'Fro, déi sech stellt: Wéi gutt ass den Athlet informéiert? Hie muss wësse wat Dopingsubstanz sinn, hie muss Zougang zu der Informatioun hunn an hie muss preparéiert sinn, fir kënnen Neen ze soen. Dat ass natierlech d'Missioun vun den Traineren, vun dem Encadrement vun de Sportler.

Mir sinn also der Meenung, dass nieft der Fro vun der Sanktionéierung och d'Dopingpreventioun muss verstärkt ginn. Generell Preventiounsarbecht ass an onsen Aen nëmme bedéngt sënnvoll oder ausräichend. D'Preventioun kann nëmmen dann effektiv sinn, wann een d'Méiglechkeet huet, de betroffenen Athlet direkt ze erreechen.

Mir sinn der Meenung, dass virun allem bei jonke Sportler a Sportlerinnen d'Opklärung iwwert d'Geforen an d'Risiko vum Doping nach verstärkt muss ginn. Hei ass un éischter Stell de Sportsministère, mä awer och den Educatiounsministère gefuerdert.

De Kampf géint den Doping ass awer och de Schutz vun de propperen Athleten. Och wann ee vun enger net onbedeitender Zuel vu schwaarze Schof kann ausgoen, si mir dëser ganz grousser Majoritéit vun Athlete...

(Interruption)

...fair Wettkampfméiglechkeete schëlleg a si verdéngen eise Respekt an eis Unerkennung.

Här President, mir stëmmen haut iwwer zwee Projets de loi of: een am Kader vum Conseil de l'Europe, een am Kader vun der UNESCO. Si stellen e wichtige Schrëtt an der Dopingbekämpfung duer. Et wäert net ëmmer einfach sinn, et wäert net einfach sinn an et wäert mat Sécherheet nach oft grouss Schwierigkeiten op dësem Wee ginn. Trotz all deem däerf dat eis net dovunner ofhalen, weider fir e proppere Sport, e Sport ouni Doping anzetrieden.

An deem Sënn wëll ech dann och den Accord vu menger Fraktioun zu deenen zwee Projekte ginn.

» M. le Président.- Merci, Madame Flesch. Den Här Huss huet d'Wuert. Här Huss!

» M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech

wéilt dem Rapporteur, dem Här Bodry, Merci soe fir säin ausféierleche Bericht, deem et erlaabt hei relativ kuerz ze sinn.

Jiddfer éierleche Sportler oder Amateur vum Sport, jiddfer Politiker an och all politesch Fraktiounen heibanne si ganz kloer géint jiddfer Form vun Doping am Sport. Doping verstéisst net nëmme géint d'Ethik vum Sport, Doping kann och bei de Sportler, déi esou fuddelen, zu enger grousser Partie vu gesondheetleche Laangzäitschied féieren. Negativ Anabolika-Beispiller aus der fréierer DDR bleiwen och haut nach an der kollektiver Erinnerung.

Doping gëtt et munchmol och schonn am sougenannten Amateursport, engem Amateursport, wou munches hautdësdsags allerdéngs och net méi ganz esou amateurhaft ass. Méi verbreet ass den Doping natierlech an enger ganzer Partie vu Profisportarten, ob Vëlo, Fussball, Liichtathletik an esou virun, do wou et net eleng oder haaptsächlech ëm d'Éier geet fir ze gewannen, mä wou déi éischt Plaz, wou d'Gewanne mat décke Paien a Kontrakter a bei Spëtzesportler och mat décke Publicitéitskontrakter verbonden ass.

Schonn an der Antik, am idealiséierte Griichenland bei Olympia ass et och net eleng ëm de berühmte Lorbeerkrantz vum Gewënner gaang. Schonn deemools gouf et ënnert der Hand och aner Belounungen. Mä haut, wou de Proficharakter a ville Sportarten an och de Medierummel an de Mediespektakel ronderëm de Sport ëmmer méi dominéieren, ass den Drang ze gewannen, den Drang no Éier an no vill Geld leider zu engem essenzielle Motiv vu professionell sportlecher Betätigung ginn. An do wou et ëm Bekanntheet, ëm d'Vermaartung vun dëser Bekanntheet an ëm lukrativ finanziell Reçettë geet, do besteet natierlech och de Risque vu Frauden oder vun Doping.

Dat ass am Sport iwwerregens net anescht wéi an anere Beräicher vun eisem Liewen. Op munchen Aarbechtsplazen, do wou et ëm Stressbewältigung oder ëm Konkurrenz bei Carrièresavancementer zum Beispill a Chefetage geet, och do gëtt gedopt mat sougenannten Opputtschmëttelen, fir Stressa Konkurrenzkampf auszehalen. A souguer schonn a Schoulen oder Universitéite gëtt hautdësdsags op ähnlech Psychostimulanten a Psychopharmaka zréckgegraff, virun allem fir den Examensstress oder den Numerus-clausus-Stress duerchzehalen.

Dat si genausou bedenklech Entwécklung wéi den Doping am Sport, iwwert dee mer haut hei diskutéieren, woubäi ech gläich hei am Numm vun der grénger Fraktioun awer wéilt betounen, dass mer selbstverständlech mat deenen elo hei virleienden Antidoping-Regelunge kënnen d'accord sinn.

Zréck also zum Doping am Sport, wou jo d'Événementier ëm d'Liichtathletin Marion Jones oder ronderëm d'Vëloprofien Ullrich, Basso a Landis dëse Summer d'Schlagzeile vun de Medie beherrscht hunn. Kee Wonner wann ee gesäit, dass e fréiere Gewënner vum Tour de France, ee vun de groussen Favorite vum Tour de France a schliesslech den diesjähregen Tour-de-France-Gewënner dobäi erwëscht goufen, mat Doping a mat Dopingdokteren a Kontakt gestanen ze hunn. Mä et waren net dës Coureuren eleng, et waren och aner an et waren der och an anere Sportarten, déi vläicht manner Prestige hunn oder wou bis elo ganz einfach manner Kontrolle gemaach goufen.

Et ass ebe leider esou, dass soubal vill Prestige an domadder vill Suen an déck Publicitéitskontrakter am Spill sinn, och ëmmer erëm vereenzelt Sportler sech verféiere loosse fir ze tricksen, fir mat alle Mëttelen, zum Beispill och iwwer Doping, zu den éischte Plazen an zu Geld ze kommen. Eleng dofir, mä och fir esou Sportler viru Gesondheetsschied ze schützen si verschäerften Antidoping-Regelungen an alle Sportarten dréngend néideg.

Hei zu Lëtzebuerg, esou gouf eis an der zoustänneger Kommissioun verséichert, funktionnéieren d'Antidopage-Kontrolle relativ gutt. Den Här Bodry huet a sengem Rapport hei schonn eng ganz Partie vun Zuele genannt. 150 Kontrollen, meeschtens ongemellt, pro Joer si sécherlech net näischt, besonnesch an engem klengen Land, wou et jo haaptsächlech ëm sougenannten Amateurssport geet. Bei deene ronn 120 Kontrolle bis Oktober dëst Joer war och kee positive Fall ze vermellen, a vum Comité olympique a vun der Agence luxembourgeoise antidopage (ALAD) läit jo och en interessante Projet vir, fir och eis Spëtzesportler am Ausland ze iwwerwachen.

D'ALAD huet dobäi net nëmmen d'Missioun, d'Sportler ze kontrolléieren, mä si soll och aus preventive Grënn d'Sportler an d'Traineren informéieren iwwer problematesch Stoffe, déi a Medikamenter kënnen enthalen sinn, woubäi eng sougenannt Positivlëscht

sécherlech vun Notzen ass.

D'Diskussioun ëm d'Dopingskontrollen dréint sech op internationalem Plang haut virun allem ëm folgend Froen:

Éischtens: Missten eventuell méi Kontrolle gemaach ginn, ongemellte Kontrolle selbstverständlech, an och scho beim Training?

Zweetens, oder misste just méi effikass Kontrolle gemaach ginn, dat heescht zum Beispill net nëmmen Urinalysen, mä och vill méi Blutanalysen, fir anormal Blutwäertvariatiounen kënnen feststellen? A well dat méi deier géing ginn, awéiwäit da virun allem och Profisligen oder Profismanagement sollte finanziell erugezu ginn, fir dat mat ze finanzéieren.

E puer Zuelen zu dëse Froen just aus engem vun eisen Nopeschlänner, nämlech Frankräich, wou et bekanntlech vill méi Profisport gëtt wéi bei eis. A Frankräich sinn 2005 insgesamt 9.000 Dopingsprouwen gemaach ginn, dovunner awer nëmmen 200 Blutanalysen. Oder bei iwwer 700 Fussballmatcher an deenen zwou franséische Ligen, der éischter an der zweeter Liga, d'lescht Joer sinn insgesamt nëmmen Dopingskontrollen gemaach ginn a 70 Matcher an och nach nëmmen Urinalysen. Mat null Resultat. Et ass guer näischt dobäi erauskomm. Do stellt sech allerdéngs d'Fro, ob dat realistesch Kontrolle sinn, woubäi munch Spatzen awer ganz aner Saache vun de franséischen Diecher pafen.

Eng weider interessant Fro hat sech zum Beispill am Kontext vum Dopingsskandal am Tour de France erginn, wouriwwer ech virdru scho geschwat hunn. An deem Kontext awer, an dat ass an de Medie méi oder weiniger ënnergaang, gouf bericht, dass ronn 60% vun allen Tour-de-France-Coureuren während deem Tour Medikamenter konsuméiert hunn, déi och verbueden Dopingssubstanzen enthalen hu sollen, mä opgrond vun Ordonnances médicales.

A ville Fäll waren esou Medikamenter sécherlech onverzichtbar fir déi Coureuren, mä waren do all Ordonnancë wierklech ubruecht a ginn do all Ordonnancë wierklech ausgliwwert opgrond vun aktueller gesondheetleche Problemer a seriöser medezinescher Kontrollen, oder ebe just iwwer net aktuell Kontrollen an iwwer administrativ Enregistrement? Och do schéngt elo op manche Plazen nach Nobesserungsbedarf ze bestoen.

Nach kuerz e lescht Wuert zu de Sanktiounen vis-à-vis vu betraffene Sportler, mä och vis-à-vis vu krimineller Sportmedeziner. Et léisst sech zum Beispill d'Fro stellen, ob eng Spär vu just zwee Joer fir e Sportler, dee fir d'éischt beim Doping erwëscht gëtt, wierklech duergeet. Bei nach jonke Sportler sinn dës zwee Joer Spär net wierklech ganz laang, woubäi et an eisen Ae muss kloer sinn, dass virun allem awer déi kriminell Medeziner, wéi zum Beispill dee berühmte Dokter Fuentes a Spuenien a seng Komplizen, misste schäerfstens bestrooft ginn, fir do wierklech zu enger effikasser Ofschreckung ze kommen.

Dat gesot, Dir Dammen an Dir Hären, no dëse méi spezifesch Remarquen ass et natierlech kloer, dass mir als Gréng wäerten all Fortschreitter bei den Antidopage-Regelungen kënnen ënnerstëtzen, an duerfir wäerte mer hei och zoustëmmen.

Merci.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Huss. De leschte Riedner ass den Här Mehlen.

» M. Robert Mehlen (ADR).- Merci, Här President. Ech mengen no deem excellenten Rapport an no deem wat duerno gesot ginn ass kann ech mech ganz kuerz faassen.

De Sport ass eis alleguer deier an helleg a mir hunn eréischt viru kuerzem hei driwwer geschwat, wéi wichteg dass e fir d'allgemeng Gesondheet ass am Kampf géint d'Obesitéit. Mä et ass jo net hei den allgemenge Breedessport, deem zur Diskussioun steet, mä éischter de Leeschungssport, deem och wichteg ass, deem mir awer net, wéll ech ganz däitlech soen, déi Bedeitung bäimiesse wéi dem Breedessport, deem all Mënsch soll an deem Mooss maache wéi en dozou fäeg ass.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

De Leeschungssport, deem et esou laang gëtt wéi een d'Geschicht kann zréckverfolgen, ass an eiser moderner Zäit zu enger regelrechter Industrie ginn. An dat ass am Fong geholl den Hannergrond, woufir datt ëmmer méi zu all méigleche Mëttele gegraff gëtt, net nëmme fir déi beschlëmmelech Leeschung ze bréngen, mä well domat a ganz ville Fäll enorm vill Geld verbonnen

ass, heiansdo an Héichte wéi ee sech et eigentlech net richteg ka virstelle wéi sou dat méiglech ass. Mä an enger Welt, wou mam Sport vill Werbung verbonden ass a mat Werbung vill Émsaz verbonden ass, ass et och iergendwéi ze verstoen, wéi sou datt dat esou ass.

Am Mëttelpunkt de Sportler, dee gefuerdert ass, dee vun alle Säite gedrängt gëtt. Mir si selwer vläicht deelweis mat dru schold, well mer dann dat och vläicht ze vill héich bewäerten, wat do als Leeschungen erbruecht gëtt. Am Mëttelpunkt de Sportler, dee, wéi gesot, vun alle Säite gedrängt gëtt fir déi héchste Leeschung ze bréngen, a vun deene Leit, déi en entouréieren, da vläicht méi dozou verfuert gëtt fir sech ze dopen, wéi datt hie selwer aus eegenem Antrieb géing dozou gräifen. Ech mengen, och deen Aspekt muss een an dësem Zusammenhang mat a Betracht zéien.

Den Doping huet, Här President, eng morallesch Komponent - ech mengen, dat hu meng Virriedner scho gesot - an deem Sënn, dass e wierklech miserabel ass a sengen Auswirkungen op eis Jugend. En huet selbstverständlech gesondheetlech Konsequenzen, wat meng Virriedner och schonn hei virgestallt hunn.

En huet awer och eng kriminell Komponent an deem Mooss wéi en effektiv eng Concurrency déloyale vis-à-vis vun deenen, déi éierlech sinn, duerstellt. Duerfir ass et absolut noutwendeg - a mir droen dat selbstverständlech voll a ganz mat -, dass een alles ënnerhëlt fir den Doping ze ënnerbanne, preventiv, esou wäit wéi et méiglech ass, awer och repressiv an deem Mooss wéi et ze maachen ass. Et ass gradso selbstverständlech, dass dat nëmmen an der internationaler Kooperatioun ka geschéien. Duerfir, nach eng Kéier, si mir absolut d'accord fir déi zwou Konventiounen hei ze stëmmen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Den Ofschloss mécht den zoustännege Minister, den Här Jeannot Krecké.

» M. Jeannot Krecké, Ministre des Sports.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll lech opriichteg Merci soen, well et beweist, dass, wa mer e Sujet wéi deenen heiten hunn, wou mer eis och e bëssen eens sinn - wat e bëssen eng nobel Saach ass fir dergéint ze sinn -, da geet et och ganz schnell. Ech hunn e bëssen Drock gemaach aus engem ganz klaren Grund, op deenen ech nach eng Kéier wëll zréckkommen, mä ech wollt lech allegueren opriichteg Merci soen, dass Der bereet waart hei esou schnell ze handelen. Aner Länner sinn do nach net esou wäit.

A virun allem wëll ech och dem Rapporteur Merci soen, well hien den Historique fäerdeg bruecht huet - ech hunn och de Rapport wierklech duerchgelies -, dee flott weist wéi Lëtzebuerg, zesumme mat de Partner an Europa, versicht huet deem Problem do Meeschter ze ginn. An ech mengen, och d'Beispiller vun Norbert Haupt weisen, dass de Sujet eescht ass, scho längst bekannt ass a wahrscheinlech net ofgeschaf ass mat deene Konventiounen hei. Dovunner muss een einfach emol ausgoen.

Ech muss soen, dass Lëtzebuerg sech jo an där dote Saach exemplaresch beholl huet a sech ëmmer un d'Spëtzt gesat huet vun deenen, sief et beim COSL, sief et bei der Regierung virdrun, déi null Toleranz wollt gëlle loosse. Ech mengen, mir hunn ëmmer relativ schnell all déi Accorden, déi mer ënnerenaner fonnt hunn, probéiert ëmzesetzen, an déi Geschicht ass jo schonn '98 u sech e bësse méi kloer mat Konventiounen ugaangen.

Mir hate wuel Fäll. Si ware glécklecherweis nach net esou schlëmm, mä déi Gefor ass ëmmer ginn. Wa mer am Moment och e bëssen Opdriff hunn an eisem Sport, da muss een einfach ëmmer erëm bieden, dass hoffentlech net eng Kéier eppes passéiert.

Dat muss net sinn, dass de Sportler selwer ëmmer deen ass, dee wëssentlech esou eppes mécht. Ech wëll keen entschëllegen, mä ech muss als een, deem et selwer am Ausland erlieft huet, soen: Do kritt een heiansdo Mixturen dohinner gesat an et stellt ee sech awer eeschthaft heiansdo d'Fro, firwat dass een nuets net gutt schlouf konnt. Dat ware Froen, déi s de der an de 60er an an de 70er Joren awer konnts stellen. Ech wëll och léiwer haut net méi wësse wat fir eng Vitamine Eenzelner vun de Sportler kruten, well deemools war dat do nach net an deem Mooss e Sujet. An duerfir soen ech: Et ass een net dovur gewappnet an de Sportler ass där ganzer Saach staark ausgliwwert.

De Sportler ass där ganzer Saach nach méi ausgliwwert a leschter Zäit, well och duerch dee Spektakel, dee ronderëm de

Sport ass, d’Gefor, de Reiz, fir och wëssentlech esou eppes ze maachen, risegrouss ass, well een nëmmen eng kuerz Zäit huet, wou een als absolute Leeschtungssportler ka mam Sport Geld verdéngen an een duerno erëm eng Kéier an dat normaalt Liewe muss anrieden, wou een da vläicht vergiess huet eng anstänneg Ausbildung ze verfollegen, an esou weider, esou dass ee muss gegebenenfalls e Risiko agoe fir vill Geld op ee Coup ze verdéngen, fir iwwert d’Ronnen ze kommen. Duerfir, mengen ech, ass déi Course, déi am Fong geholl zwëschent de Sportler an de Laboen amgaangen ass, nach net eriwwer. An duerfir ass et och noutwendeg, dass mer e kloert Bekenntnis ginn.

D’Madame Flesch huet gesot: „Mir si kloer dergéint.“ Dir wësst, dass et haut Bestriewunge ginn, déi soen: Wa mer et net kloer kënnen kontrolléieren...

(Coups de cloche de la Présidence)

...a wann et esou ass, dass dat Sport spectacle ass, dass dat Profie sinn, déi jo muss wëssen, wou se dru sinn, dass et do eng Bewegung gëtt, déi seet: Ma, maacht et einfach fräi, da kann ee maache wéi ee wëllt, dann ass jiddferen au même titre gedopt oder net gedopt, mä dann hu se alleguerten déiselwecht Avantagen!

Dee Wee gi mir net mat. Mir loosse d’Nulltoleranz gëllen, mä mir wëssen, dass duerch dee Filet wahrscheinlech deen een oder een aneren awer duerchgeet, well d’Laboratoires d’analyse probéieren all deenen neie Substanzen, deenen neien Tricken, déi do erfennt ginn, Meeschter ze ginn, mä dat ass net einfach, an déi Course wäert nach eng Zäitchen undauern.

Ech kommen elo just vu Moskau erëm; virun zwee Deeg. Do war de Conseil de l’Europe zesummen.

(Interruption)

Et war gutt kal do, ech kann lech et soen.

De Conseil de l’Europe huet jo eng führend Roll gespillt ronderëm d’Entwécklung vun der Législatioun an de Konventiounen, déi mer haut hunn. An de Conseil de l’Europe ass, wéi elo a ville Beräicher, och am Sport amgaange säi Wee ze sichen. De Conseil de l’Europe, d’Union européenne, dat Zesummespill ass net einfach. An et ass am Fong geholl festgehalen ginn, dass de Conseil de l’Europe elo nëmmen op dräi Sujete géing weider e Rôle spillen - dat sinn haaptsächlech Sujeten, déi mat Droits de l’Homme a mat Justice ze dinn hunn -, an dass all déi aner Sujete leider e bësse vergiess gi sinn.

Mir hunn do eng länger Diskussioun gefouert iwwert déi lescht Plattform, déi mer an Europa hunn, well mer jo an der Europäescher Unioun nach keng communautär Politik hunn an där doter Fro, ob mer déi sollen esou liicht opginn an ob een net sollt probéiere mat deene ville Länner, déi net an der Europäescher Unioun sinn - mir sinn do am Moment zu 46 -, ob een net déi Plattform awer soll hale fir notamment iwwer Doping mat deene Länner ze schwätzen. Do sinn der vill, déi eng Vergaangenheet hunn, wou d’Leit sech, mengen ech, nach net richtig bewosst sinn op wat se sech deemools agelooss hunn.

An ech mengen, et wier net gutt se léns leien ze loosse zu dësem Zäitpunkt, mä et wier besser se ze begleeden. Duerfir hu mir och an deem Sënn plädéiert, dass d’Aarbechte solle weidergoen. Mä et ass awer esou, dass ee muss oppassen, dass déi Aarbechten net elo zwee- an dräifach gemaach ginn.

Mir hunn heimadder elo d’Weltorganisatioun géint den Doping, an ech mengen elo kréie mir eng Konventioun UNESCO, wou e Sekretariat funktionnéiert. Mir hunn am Conseil de l’Europe e Sekretariat wat funktionnéiert. Wann déi net zesummeschaffen oder jiddferen seng eegen Zopp mécht, dann hunn ech meng héchste Bedenken, muss ech soen. Well mir sinn elo amgaangen op dräi Schinnen ze fueren. Et ass gutt, dass een eng Plattform huet fir iwwer eppes ze diskutéieren, mä ech mengen, mir sollen déi puer Moyenen, déi mer hunn, probéieren ze bündelen. Dat probéiere mir hei zu Lëtzebuerg.

Et ass ugeklongen: Dat hei wäert keng gréisser Auswierkungen op eise Fonctionnement hei hunn, weder um Niveau Sportsministère nach um Niveau vun der ALAD. Mir applizéieren dee Code schonn absolut zu 100%. Och de Finanzeement, dee virgesinn ass, ass am Moment e Crédit non limitatif, esou dass mer d’Méiglechkeet hunn och doriwwer erauszegoen, wann dat noutwendeg ass.

Dir hutt gefrot, ob mer eis net der ISO-Norm wëllen ënnerwerfen. Et ass noutwendeg fir d’Reconnaissance mutuelle ze kréien. An et ass u sech jo an der Konventioun vun 2002 dran, dass déi Reconnaissance mutuelle ënnert de Länner do festgeschriwwen ass.

An do ass kloer dra gesot, dass déi ISO-Certificatioun noutwendeg ass, fir dass jiddferen datselwecht applizéiert. Bei eis hei zu Lëtzebuerg wäerte mir eis elo an deenen nächsten Deeg där Saach ënnerzéien. Da wäerte mer froe fir déi Certificatioun do ze maachen.

Normalerweis hate mer jo déi éischt Diskussioun am Sportsgesetz gefouert, well eng Rei Saache schonn do verankert sinn. Ech si frou, dass mer et elo fäerdeg bruecht hu per Amendement dat kloerzestellen an déi Ëmännerung am Sportsgesetz och virzehuelen. Ech soen lech duerfir villmools Merci.

Dat Eenzezt wat vläicht e puermol zu Diskussiounen gefouert huet a wat ech awer kuerz hei uschwätze wëll ass dat, ob een de Sportler och penal belaaenge soll. Dat ass fir de Moment zu Lëtzebuerg nach net de Fall. Ech sinn och der Meenung, dass een dat am Moment soll si loosse, well ech mengen, dass de Sportler deene Leit, déi säin Entourage duerstellen, vill ausgeliiwwert ass an en net ëmmer alles kontrolléiere kann. Ech hunn elo grad nach mat engem geschwat, deen am Ausland ass, dee gesot huet: Ech weess net ëmmer wat ech hei an deene Bechere kréien, déi ech als Vitamine presentéiert kréien.

An ech muss soen, mir muss wierklech ganz streng mam Entourage ëmgoen. Fir de Moment verzichten ech drop fir d’Sportler wëlle penal ze belaaenge. Et waren der, déi hei gesot hunn, zwee Joer wier net vill. Et ass richtig, zwee Joer am Moment wann ee 16 Joer huet ass vläicht net vill, mä bei der zweeter Kéier ass et liewenslänglech, dat wësst Der. An ech muss soen, een, dee 24 oder 26 Joer al ass, zwee Joer, dat ass de Schluss vu senger Carrière. Et ass meesch-tendeels de Schluss vu senger Carrière, well en éischters total aus dem Trëtt kënnt, zweetens well déi meescht jo Kontrakter hunn. A wann Der kuckt wat jo awer de Moment geschitt - a glécklecherweis! -, dass d’Sponsoren hinne fortlafen, dass se gekënnegt kréien an hiren Équipes, da mengen ech ass d’Sτροφ fir de Sportler scho ganz déck an zolidd an dass een net och nach eng penal Sτροφ dorunner muss unhänken.

Fir déi meescht ass hir Carrière da fäerdeg oder zumindest au plus haut point gefährdet. Kuckt dat nëmmen. Ech géing fir de Moment soen, à l’encontre vun deem, wat déi franséisch, déi italienesch Autoritéiten am Moment hunn, déi se penal belaaenge, soll een et fir de Moment dobäi beloossen.

Ech schléissen net aus, dass, wann do eng Kéier Problemer optauchen, een dann och vläicht dee Wee muss goen.

Am Moment, mengen ech, ass de Sportler zimlech zolidd gestrooft mat där doter Aart a Weis an et muss een awierken op den Entourage, well et ass deen, deen normalerweis de Sportler och a Kontakter bréngt. Et ass seelen, dass de Sportler selwer sech ëm déi Saache bekëmmert.

Wéi gesot, Här President, ech si frou, dass mer hei an eng sougenannter nobler Affär am Sport zu esou enger grousser a breeder Adhésioun kommen. Ech hoffen, dass mer dat kënnen unanime stëmmen.

Mä ech erhoffe mer awer och, dass an anere Froen, déi de Stellwäert vum Sport betreffen an déi d’Sportpolitik als solch betreffen, mer déiselwecht Adhésioun hei an der Chamber kréien, notament wann et ëm de Budget an ëm aner Froe geet, déi mam Sport zesummenhängen, an dass mer net nëmmen hei erzielen, dass de Sport eng Wichtigkeet huet an der Educatioun, am Sozialbehuelen, an der Gesondheet an esou weider, mä dass de Sport eng Wichtigkeet per se huet. An dass mer dat net nëmmen doduerch bekunden, dass op all méigleche sportleche Manifestatiounen ech lech an Dir mech erëmgesitt, mä dass mer och emol heiansdo drun denken, dass de Sport wierklech en anere Stellwäert hei zu Lëtzebuerg verdéngt wéi deen, deen en haut huet vun der Politik.

Ech erhoffe mer eng ähnlech grouss Begeeschterung wéi ech dat elo bei dësem Gesetz festgestallt hunn, wann et ëm aner Problemer, ëm Infrastrukturen, ëm Hëllefstellungen, souwuel beim Spëtzesport wéi beim Breeddesport geet. Ech wënschen eis dann alleguerten domadder, dass mer och an dësem Domän kee Problem kréien.

Ech soen lech Merci.

»»» **M. le Président.**- Merci, Här Minister. Mir kommen elo zur Ofstëmmung. Do hu mer fir d’éischt de Projet de loi 5537.

Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5537 ass ugehall mat 59 JoStëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Ma-

rie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Marcel Oberweis), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. John Castegnaro), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

M. Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Claude Meisch), Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch et Carlo Wagner (par M. Charles Goerens);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5175.

Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5175 ass ugehall mat 59 JoStëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Marcel Oberweis), MM. Marcel Glesener,

Sommaire des séances publiques

Dépôt d'un projet de loi	page 31
Communications	page 31
Institution d'une commission spéciale «Tripartite» et composition de la Commission spéciale «Contrôle parlementaire du Service de Renseignement de l'État»	pages 31-32
5617 - Proposition de loi portant modification de la loi du 23 juin 1972 sur les emblèmes nationaux, telle qu'elle a été modifiée	
et	
5621 - Proposition de loi modifiant la loi du 19 mai 2006 portant transposition de la directive 2004/25/CE du Parlement européen et du Conseil du 21 avril 2004 concernant les offres publiques d'acquisition - Déclaration de recevabilité	page 32
Ordre du jour	page 32
Heure de questions au Gouvernement	
- Question N°121 du 24 octobre 2006 de Monsieur Marc Spautz	page 32
- Question N°122 du 23 octobre 2006 de Monsieur Xavier Bettel	page 32
- Question N°123 du 24 octobre 2006 de Monsieur Fernand Diederich	pages 32-33
- Question N°124 du 24 octobre 2006 de Monsieur Jean Huss	page 33
- Question N°125 du 24 octobre 2006 de Monsieur Marc Angel	pages 33-34
- Question N°126 du 23 octobre 2006 de Monsieur Aly Jaerling	page 34
- Question N°127 du 24 octobre 2006 de Monsieur Ben Fayot	page 34
- Question N°128 du 24 octobre 2006 de Madame Anne Brasseur	pages 34-35
- Question N°129 du 24 octobre 2006 de Madame Claudia Dall’Agnol	page 35
- Question N°130 du 24 octobre 2006 de Monsieur Gast Gibéryen	page 35
Dépôt d'une proposition de loi	page 35
Heure de questions au Gouvernement (suite)	pages 35-36
Question avec débat N°9 de Monsieur Marco Schank relative à l'article 17 de la loi modifiée du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles	pages 36-37
5508 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 17 juin 1994 relative à la prévention et à la gestion des déchets	pages 37-39
5582 - Projet de loi portant approbation de l'Amendement à la Convention, faite à Aarhus (Danemark), le 25 juin 1998, sur l'accès à l'information, la participation du public au processus décisionnel et l'accès à la justice en matière d'environnement, tel qu'il a été adopté à la deuxième réunion des Parties à la Convention, tenue à Almaty (Kazakhstan) du 25 au 27 mai 2005	pages 39-41
5583 - Projet de loi modifiant	
1. la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;	
2. la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux	pages 41-43
5518 - Projet de loi portant	
1. transposition de la directive 2000/43/CE du Conseil du 29 juin 2000 relative à la mise en oeuvre du principe de l'égalité de traitement entre les personnes sans distinction de race ou d'origine ethnique;	
2. transposition de la directive 2000/78/CE du Conseil du 27 novembre 2000 portant création d'un cadre général en faveur de l'égalité de traitement en matière d'emploi et de travail;	
3. modification du Code du Travail et portant introduction dans le Livre II d'un nouveau titre V relatif à l'égalité de traitement en matière d'emploi et de travail;	
4. modification des articles 454 et 455 du Code pénal;	
5. modification de la loi du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées	pages 43-44
5537 - Projet de loi portant	
a) approbation de la Convention internationale contre le dopage dans le sport, faite à Paris, le 18 novembre 2005;	
b) modification de l'article 16 de la loi du 3 août 2005 concernant le sport	
et	
5175 Projet de loi portant approbation du Protocole additionnel à la Convention contre le dopage, ouvert à la signature, à Varsovie, le 12 septembre 2002	pages 44-47